N°727
Entrée le 13.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n°727 vum 14. Mee 2024 vum honorabelen Här Deputéierte Sven CLEMENT**

De Code pénal gëtt lafend adaptéiert. Aleng an der leschter Legislaturperiod war dat 22 Mol de Fall. An däser Legislaturperiod soll eng Moderniséierung vum Code pénal an e puer Phase virgeholl ginn.

Et ass virgesinn nach virum Summer an enger éischter Phas eng Rei vereelzten oder haut iwwerflësseg Dispositiounen aus dem Code pénal erauszehuelen, dorënner och déi iwwert d'Heescherei. Fir datt déi sougenannten aggressiv Heescherei awer kann efficace bekämpft ginn, gëtt en neien Artikel an de Code gesat.

An enger zweeter Phas ginn d'Strofmoossen, déi am Code pénal fir déi verschidden Infraktioune virgesi sinn, méi eenheetlech a kohärent gestalt.

An enger drëtter Phas gëtt festgehal, wat fir eng Dispositioune vun der Terminologie hier adaptéiert ginn, a wat fir eng nei Infraktiounen an de Code pénal musse bäigesat ginn.

Fir dës Aarbechte kann sech zum Deel elo nach och op d'Viraarbecht vun engem Reflexiounsgrupp baséiert ginn, deen 2015-2016 eng Rëtsch Moderniseierungsvirschlei gemaach huet. An däsem Grupp ware souwuel Vertrieder vum Ministère, vun de Justizautoritéiten, vun der Police, vum Barreau wéi och vun der Universitéit mat dobäi.

Och de Code de procédure pénale (CPP) gëtt lafend adaptéiert. An der leschter Legislaturperiod war dat 19 Mol de Fall.

D'Aarbechten un der Reform vu verschiddenen Kapitele vum CPP si schonns amgaangen, respektiv gi weidergefouert. Et geet hei notamment dorëms, de Justizautoritéiten déi néideg Moyenen ze gi fir d'Kriminalitéit kënnen efficace ze bekämpfen. Och hei ginn déi concernéiert Acteure jee no Projet matagebonnen a consultéiert.

Ob een sech am Fall vu Modifikatioune vun eise Coden um franséischen oder belsche Modell inspiréiert oder awer eng spezifesch Lëtzebuerger Solutioun sicht, gëtt au cas par cas determinéiert, an dat mam Zil fir dono an der Praxis den efficacesten Text ze hunn. Dobäi soll een sech natierlech vun den Erfarungen, déi eis Nopere schonns gemaach hunn, guidéiere loossen. Wann et vun Notzen ass, fënnt zum jeeweilege Sujet och en Echange mat franséischen a belschen Autoritéite statt, mat deene Lëtzebuerg um europäeschen Niveau och permanent a Kontakt ass.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue